I

Positiounspabeier

Beschloss um Landeskongress 2012.1

Thema:

Whistleblower-Schutz

Whistleblowing ass Zivilcourage, déi onbedéngt ënnerstëtzt a geschützt muss ginn. En 'Whistleblower' ass een dee Mëssstänn an illegaalt Handelen, wéi Korruptioun, Insiderhandel oder allgemeng Geforen, vun deenen hien op sengem Aarbechtsplaz, bei medizinesche Behandlungen oder bei anere Geleeënheete matkritt un d'Ëffentlechkeet bréngt.

D'Piratepartei Lëtzebuerg gesäit d'Whistleblower als wichtege Korrektiv an all a virun allem an enger fräier an demokratescher Gesellschaft un. Dozou erfuerderlech ass et engersäits eng allgemeng gesetzlech Regelung zum Schutz vu Whistleblower ze fannen. Anerersäits muss doriwwer opgekläert ginn, dass Whistleblower de gläiche gesellschaftleche Wäert hunn ewéi Presseinformanten an de gläiche Schutz genéisse mussen.

Mir wenden eis géint d'Andeelung a gutt a schlecht Whistleblower. D'Aschätzung vu Whistleblowing kann an dierf net vun der eegener Interesselag ofhänken.

D'Piratepartei setzt sech fir eng allgemeng, dringend noutwenneg gesetzlech Regelung zum Whistleblowerschutz an. All Whistleblower ass vu strof- an zivilrechtlechen Onwägbarkeeten ëmginn. Dowéinst ass et noutwenneg, dass d'Gesetzgeber dat bisheregt Virgoen, eenzel begrenzt Rechtsberäicher ënner Schutz ze stellen, opgëtt an amplaz en generellen an ëmfaassende Schutz fir Whistleblower mat noutwennegen Ausnahme festschreiwt.